Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 5. Februar 2024

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Verkéiersminister weiderzeleeden.

All Dag informéieren sech vill Leit um Zitt vun der CFL a Mobilitéit.lu iwwert hir respektiv Méiglechkeeten, fir den ëffentlechen Transport ze benotzen. Et fält awer op, datt déi genannte Säiten op Däitsch, Englesch a Franséisch verfügbar sinn, net awer an eiser Nationalsprooch Lëtzebuergesch. Vu, datt déi genannte Säiten no de soziale Medie warscheinlech zu deenen am Alldag am meescht benotzten Internetsäiten zu Lëtzebuerg gehéieren, géif sech hei jo eng Geleeënheet bidden eis Sprooch am ëffentleche Raum héichzehalen. Och am Aktiounsplang fir d'Lëtzebuerger Sprooch gouf op Säit 53, am Bezuch op offiziell Internetsäiten dat hei festgehalen: "*Fir all Internetsite soll eng Versioun op Lëtzebuergesch kommen*".

An deem Zesummenhang géif ech der Madamm Verkéiersminister gären dës Froe stellen:

1) Kann d'Madamm Minister begrënne firwat de Zitt vun der CFL a Mobilitéit.lu bis ewell net op Lëtzebuergesch zu Verfügung stinn?
2) Kann d'Madamm Minister matdeelen, op et entspriechend dem Plang fir d'Lëtzebuerger Sprooch schonn eng intern Richtlinn fir staatlech Institutioune gëtt, fir dës Websäite ganz oder deelweis op Lëtzebuergesch zur Verfügung ze stellen?
3) Falls jo, a wéi engem Zäitraum?
4) Speziell am Bezuch op de Zitt vun der CFL fält op, datt dësen den Notzer fir d'éischt automatesch op Franséisch ugewise gëtt. Gëtt et eng Méiglechkeet, dësen am Sënn vun eiser Méisproochegkeet entweder automatesch mat der Sprooch vum Browser ze synchroniséieren oder per default op Lëtzebuergesch unzeweisen?
5) Sollt dat aus technesche Grënn net méiglech sinn, wéi steet d'Madamm Minister dann zu der Méiglechkeet, automatesch e Begréissungssaz op Lëtzebuergesch anzefügen?

Mat déiwem Respekt,

Tom Weidig
Deputéierten